D'OOTMUNG

D'Vullen hunn 2 Longeflilleken, déi mat enger Rei Loftsäck verbonne sinn. Dës Loftsäck sinn am ganze Kierper verdeelt, et fënnt een se esouguer an den huele Schanken. Beim Anootme gëtt d'Loft an déi hënnescht Säck gepresst, dann an d'Longe gedréckt an um Enn iwwer déi viischt Säck ausgeotemt. Doduerch kënnen d'Vullen 100% vun der Loft an hire Longen ersetzen. Am Verglach kann de Mënsch, bei engem Otemzoch, nëmme 75% vun der Loft an de Longen ersetzen. Well d'Vulle beim Fléie vill Sauerstoff brauchen, ass hir Ootmung extreem gutt un hir Besoinen ugepasst.

Esouguer verschidden Dinosaurier hate schonn deemools Loftsäck, déi mat de Longe verbonne waren.



Source texte: Musée national d'histoire naturelle, Exposition "Geckeg Vullen"; Adaptation graphique pour schouldoheem.lu: Script & Joe Leiner.